



WOUSST DIR SCHONN ? LE SAVIEZ-VOUS

100 JOER BRENTA-BANDSEE: E STECK BIEKERECHER GESCHICHT

En Artikel vun der Biekerecher Kulturkommissioun

100 ANS DE LA SCIE À RUBAN BRENTA: UN CHAPITRE IMPORTANT DE L'HISTOIRE DE BECKERICH

Un article de la commission de la culture de Beckerich

D'Geschicht vun der Seeërei op der Biekerecher Millen geet héchstwarscheinlech bis un d'Enn vum 19. Joerhonnert zeréck.

Allerdéngs kann déi éischt offiziell Geneemegung, fir eng Seeërei vun der Famill Waxweiler zu Biekerech ze bedriewen, eréischt op den 10. Juni 1916¹ retraceiert ginn. Mat dëser Geneemegung gouf virun allem eng bestoend Situatioun offiziell regulariséiert. De Mëller Nicolas Waxweiler hat scho Jore virun eng Seeërei um Site vun der Millen ageriicht, déi jee no lokaler Nofro sporadesch bedriwwen gouf. Deemools gouf d'See vum Millerad ugedriwwen an huet aus enger klenger, einfacher Vertikalsee bestanen. D'Seeblatt war an engem Kader befestegt a gouf tëscht zwee vertikale Stänner erop an erof beweegt. Jee no Déckt an Häert vum Holz konnt d'Geschwindigkeit vum Schnëtt ugepasst ginn.



virun der Seeërei 1943


L'histoire de la scierie du moulin de Beckerich remonte très probablement à la fin du 19^e siècle.

La première trace officielle connue date toutefois du 24 mai 1916, lorsqu'une demande d'autorisation pour l'installation d'une scierie au moulin Waxweiler est adressée au ministère des Travaux publics. Elle est accordée le 10 juin de la même année à la veuve Suzanne Waxweiler-Welter. Cette autorisation ne fait qu'entériner une situation existante. En effet, depuis la fin du 19^e siècle, le meunier Nicolas Waxweiler exploite une scierie rudimentaire qui utilise la roue du moulin comme force motrice. Le sciage n'est à ce moment-là

bien souvent qu'une activité intermittente régulée par la demande locale. Cette petite scie à lame verticale se compose d'une lame fixée dans un cadre coulissant entre des montants verticaux et d'un dispositif permettant une coupe plus ou moins rapide en fonction de la dureté du bois.

1926 gouf d'Seeërei mat enger fonkelneier Brenta-Bandsee professionaliséiert. D'Maschinn gouf den 20. Abrëll 1926 vun der Suzanne Waxweiler-Welter beim Fabrikant Louis Brenta zu Haren-lez-Bruxelles bestallt an duerno mat der Eisebunn bis op Næerden geliwwert. Vun do aus gouf si op Biekerech transportéiert an an der Millen vun engem Monteur zesummegebaut.

Bei der Brenta-Bandsee gëtt de Bamstamm lwwer Schinne an d'Seeërei gedréckt an duerno lues a kontrolléiert laanscht d'See gefouert.



Reklamm vun den Ateliers Louis Brenta

Mais en 1926, ce système est remplacé par une scie électrique à ruban beaucoup plus performante qui permettra aux Waxweiler de se lancer progressivement dans le travail industriel.

Cette nouvelle machine, achetée par la veuve Suzanne Waxweiler-Welter le 20 avril 1926 chez le fabricant Louis Brenta installé à Haren-lez-Bruxelles, est arrivée à Noerdange par le chemin de fer. Un monteur de la firme est venu spécialement en juin 1926 pour procéder à son assemblage et aux premiers essais. Sur ce type de scie, la grume est chargée sur un chariot circulant sur des rails allant de la zone de déchargement, entrant dans l'atelier et passant devant la scie.

¹ Archive vun der Gemeng Biekerech



De Josy Schweicher bei enger Demonstratioun am Joer 2007



D'Brenta-Bandsee an hirer ganzer Pracht

Mat der neier moderner See huet d'Seeërei zu Biekerech no an no ëmmer méi u Bedeitung gewonnen a sech zu enger wichteger Akommesquell vun der Millen entwéckelt. Wéi d'Suzanne Waxweiler-Welter 1939 gestuerwen ass, huet hire Jong, de Joseph Waxweiler, de Betrib weidergefuert. Als Holzhändler huet hien d'Seeërei weider ausgebaut a gouf no an no zu engem dichten Entrepreneur. De Joseph Waxweiler huet bis zu 10 Aarbechter beschäftigt. Fir d'Beem am Bësch ze markéieren, déi gehae sollte ginn, hat hien esouguer sän eegent Markéiereise mat den Initiale JW.

D'Seeërei Waxweiler huet souwuel mat öffentlechen ewéi och mat private Clienten aus Lëtzebuerg an der noer belscher Grenzregioun zesummege schafft. Zu de Clientë huet ënner anerem d'Direktioun vun der Prënzh-Henri-Eisebunn gehéiert. Den 29. November 1937 an den 29. Juli 1938 gouf Eichenholz fir d'Biedembelägg vun den Eisebunnswagone geliwwert.² Aner Clientë waren d'Raiffeisenkeess vun Näerden, d'Gemeenge Biekerech, Ell, Réiden, Habscht, Sëll an Arel, d'Fanfare Concordia vu Biekerech, de Schmadd Traufeler, d'Futtbällveräiner vun Uewerpallen a Réiden souwéi och de Baron vu Giisch.³

En anert erwänenswäert Kapitel vun der Geschicht vun der Seeëreie war den Zweete Weltkrich. Déi amerikanesch Arméi hat d'Seeërei fir dräi Méint besat, fir sech d'Holz fir de Bau vu Brécken an Iwwergäng zouzeschneiden. Haut erënnert eng Plack an der Seeërei un dës Zäit.

D'Aktivitéit vun der Seeërei sinn nom Doud vum leschten Aarbechter vun der Millen, dem sougenannten „Mille Jupp“, am Joer 1975, an nom Doud vum Joseph Waxweiler am Joer 1978, och „de Millepätter“ genannt, agestallt ginn.

Petit-à-petit, grâce à la scie à ruban Brenta, l'activité de la scierie devient de plus en plus importante. Elle finit par dépasser la centrale électrique en revenus dès la fin des années 30. A la mort de sa mère en 1939, Joseph Waxweiler est décrit comme « exploitant et commerçant en bois ». Il est devenu un chef d'entreprise

qui dirige une équipe de scieurs, de bûcherons et d'ouvriers. Il possède même son propre fer aux initiales JW pour marquer les arbres à abattre.

Durant toute la durée de l'activité de la scierie, la famille Waxweiler va travailler indifféremment avec des partenaires publics ou privés, luxembourgeois ou belges. Parmi tous les clients, on peut citer la Direction des Chemins de fer et

Minières Prince Henri de Luxembourg. Le 29 novembre 1937 et le 29 juillet 1938, la scierie Waxweiler lui livre des planches en peuplier et des madriers en chêne pour fabriquer des fonds de wagons. Les autres clients sont, entre autres, la Caisse rurale, les communes de Beckerich, Ell, Redange, Hobscheid, Saeul et Arlon, la

fanfare Concordia de Beckerich, le forgeron Traufeler de Beckerich, les clubs de football d'Oberpallen et de Redange ainsi que le Baron de Guirsch sans oublier les commandes privées. La scierie a employé jusqu'à 10 ouvriers.

Pendant la seconde guerre mondiale, l'armée américaine loua la scierie pendant trois mois afin de scier des poutres pour la construction de ponts. On peut admirer dans la scierie actuelle une plaque commémorative de cet événement.



Bamstämm virun der Seeëreier 1930



D'Famill Waxweiler op den zougeschniddenen Dillen 1943

Les activités de la scierie cesseront avec la mort du dernier ouvrier du moulin, surnommé « de Mille Jupp » en 1975 et celle du dernier exploitant, Joseph Waxweiler, surnommé « de Millepätter » en 1978.

^{2 3} Archive vun der Gemeng Biekerech

Ufanks den 2000er sollt d'Brenta-See dann awer nees a Betrib goen. Nodeems d'Gemeng d'Millen opkaaft hat, hunn eng Rei Fräiwëlleger ronderëm de Josy Schweicher, déi haiteg „Millepätteren“, d'Maschinnen nees un d'Lafe kritt.

Haut leeft d'Brenta-Maschinn also nees wéi eng Eent a feiert dëst Joer hiren 100. Gebuertsdag. D'Brenta an d'Millepättere suerge mat hire reegelméissegem Demonstratiounen dofir, datt dat aalt Handwierk net a Vergiessenheet geréit, a loossen domat en Deel vun der Biekerecher Geschicht weiderliewen.

Fotoen : © Archive vun der Gemeng Biekerech

A partir de ces dates, la scie Brenta et toutes les autres machines se sont tues jusqu'au début des années 2000 quand la Commune a acheté le moulin et qu'une formidable équipe de bénévoles dirigée par Josy Schweicher décide de tout remettre en état.

Aujourd'hui, en 2026, toutes les anciennes machines dont la scie à ruban Brenta qui fête ses 100 ans refonctionnent comme autrefois pour le plus grand bonheur des petits et des grands lors des démonstrations de coupes de bois à l'ancienne proposées par l'équipe actuelle des « Millepättern ».



D'Ekipp vun de Millepätteren



Hues du och spannend Erzielungen, Anekdote, Fotoen a Biller aus der Gemeng, déis du gäre mat eis wëlls deelen? Dann mellet dech ganz einfach bei der Kulturkommission vu Biekerech ënnert:

As-tu aussi des histoires passionnantes, des anecdotes, des photos ou des images de la commune que tu aimerais partager avec nous ? N'hésite pas à contacter la commission de la culture de Beckerich à l'adresse suivante:

✉ kulturkommission@beckerich.lu